PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Grouss Entreprisen aus dem digitale Secteur sinn ëmmer nees ob der Sich no engem passende Standuert fir hier Datenzentren. D'Verhandlunge mat de respektive Staaten a Gemenge verlafen dobäi meeschtens ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet an net seele sinn ëmfaassend Steiervergënschtegungen Deel vun den Accorden.

Gerechtfäerdegt ginn déi héich Steiervergënschtegungen, déi den Datenzenterbedreiwer accordéiert ginn, an der Reegel domat, dass duerch den neien Datenzenter sollen Aarbechtsplaze fir Employéë geschaaft ginn an och de lokale Bausecteur vum Bau vum Komplex soll profitéieren.

Tatsächlech ass et awer esou, dass de Bausecteur just punktuell vun zousätzlechen Opträg profitéiere kann an Datenzentren eng éischter geréng Unzuel u Personal brauchen. Järlech Steiervergënschtegungen a Milliounenhéicht erschénge virum Hannergrond vum héije Ressourcëverbrauch vun den Zenteren, an dem limitéierten Impakt op den Aarbechtsmarché dofir alles aneres wéi gerechtfäerdegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf et fir den eventuell geplangten Datenzenter zu Biissen Diskussiounen, an deenen och Steiervergënschtegunge gefuerdert, voir envisagéiert goufen?

2. Falls jo: Wéi héich waren déi gefuerdert/ugebuede Vergënschtegungen?
   Wéi vill Aarbechtsplaze sollt den Datenzenter schätzungsweis schafen, falls sech fir de Standuert zu Biissen entscheet géif ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député